# KIERMES ZU ELL

De Weekend vum 21. - 23. August 2021 ass Kiermes zu ELL. Wéi all Joer wärten och rem Kiermesmatcher um Terrain um Essig gespillt ginn. Well de Sporting Club Ell dëst Joer 50 Joer feiert, wärten net nemmen eis 1. Ekippen, mee och eis 2. Ekippen an d'Jeunes Filles untrieden. Méindes fir den Ofschloss spillen wéi gewinnt eis Veteranen géint de Club des Jeunes vun Ell.

## Programm Kiermes 2021

***Samschdes, den 21. August 2021***

16h00 Dames II: **SC ELL** - UN Kaerjéng 97

18h00 Seniors Réserves: **SC ELL** - FC Préizerdaul/Réiden

***Sonndes, den 22. August 2021***

13h45 Jeunes Filles: **SC ELL** – AS Hosingen

15h30 Seniors I: **SC ELL** – FC Red Star Merl-Belair

17h30 Dames I: **SC ELL** – FC Sporting Bertrange

***Méindes, den 23. August 2021***

19h00 Veterans: **SC ELL** - Club des Jeunes ELL

**Et ass ee Covid Check Event, dir musst also geimpft, getest oder geheelt sinn.**
**Et ass och méiglech ee Schnelltest op der Plaatz ze maachen.**


**Fir Iessen an Drénken ass gesuergt. Den SC ELL wënscht iech eng schéi Kiermes.**

Sporting Club ELL

SC ELL

Fondé en 1971

COVID check.lu




## Wéi kréien ech e CovidCheck-Certificat?

### Ech si geimpft

- Op den Impf-Certificaten, déi an den **Impfzenteren** ausgestallt ginn an **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu disponibel** sinn, ass e séchere QR-Code drop, dee vun den Apps an de verschidden EU-Länner ka gelies ginn.
- **Leit, déi virum 13. Juni 2021 geimpft gi sinn**, kënnen en neien Impf-Certificat mam séchere QR-Code **an hirem private Beräich op MyGuichet.lu eroflueden.**

**Gültegkeet vum Certificat**

BioNTech/Pfizer, Moderna an AstraZeneca (Vaxzevria®) vum Dag vun der 2. Dosis un

Johnson & Johnson (Janssen) vum 14. Dag no der Impfung un

Wann ech erëm gesond sinn, no enger COVID-19-Infektioun, vum 14. Dag no der 1. Dosis un (bannent 180 Deeg nom positive PCR-Test).

### Ech si getest

- D'**Laboe** stellen lech d'Resultat vum Test an de Certificaten **op hirer Plattform** zur Verfügung an eng digital Kopie ass **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu disponibel**.
- **Leit, déi berechtegt sinn e COVID-19-Test ze certifiéieren**, generéieren de Certificat an hirem professionelle Beräich op MyGuichet.lu a ginn lech en dann **um Pabeier** oder digital, an ass **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu disponibel**.

**Gültegkeet vum Certificat**

PCR-Test: 72 Stonnen

Antigène-Schnelltest: 48 Stonnen

### Ech sinn erëm gesond

- No engem **positive PCR-Test** stellen d'**Laboen** d'Resultat vum Test an de Certificat **op hirer Plattform** zur Verfügung an eng digital Kopie ass **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu disponibel**.
- Am Fall vun engem **positive PCR-Test bannent 6 Méint virum 13. Juni 2021**, kritt Dir e Certificat de Rétablissement per Post geschéckt an eng Kopie ass dann esou séier wéi méiglech **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu disponibel**.

**Gültegkeet vum Certificat**

Gülteg tëschent dem 11. an 180. Dag nom positive PCR-Test

### Wat soll ech maache wann ech kee MyGuichet.lu-Konto hunn?

1. **Dir kënnt zu all Moment e Konto op MyGuichet.lu opmaachen** fir Är Certificaten ze kucken oder erofzelueden: https://gd.lu/6fx2BG
2. Impf-Certificat: **Maacht eng Démarche op MyGuichet.lu ouni Konto** oder rufft op der **Helpline 247-65533** un. Dir kritt en dann um Pabeier mat der Post geschéckt.
3. Den Test-Certificat an de Certificat de Rétablissement sinn op den **Online-Plattforme vun de Laboen** disponibel.

**covidcheck.lu**